

d'Peffermillen

D'Kierch as fier en Ofbau vun hiere Privilegien. Sou steet ét am Konzilstext "Gaudium et Spes". De Koschter huet scho méi wi eng Kéier drop hingewisen, dass also d'Kierch vu Létzebuerg sollt op d'staatlech Gehälter verzichten, fier op hier égen Mëttelen zréckzegräifen. De Koschter as awer nüt verwonnert, dass d'Amstskierch mol nüt bereet as, déi Privilégien zuer Diskussioun ze stellen. - Direkt erschrecken muss een awer, dass wéinst der Oktavschlussprozessioun de Chantier an der Neipuertsgaass freides owes zougemacht gouf, dat déift Lach opgefellt an d'Strooss gudronnéiert goufen, fier mëindes, no der Prozessioun neess opgerappt ze gin. Dëse Privilieg huet d'Gémeng loo ooode vu Frange kascht, oder huet éieren d'Kierch se mam Oktavaffer bezuelt? Et as iwregens égal, ween dës Décisioun ugestielt huet, op et e Wonsch vun der Kierch selwer oder vun de Politiker aus wahltakesche Grénn wor. Suguer wann d'Kierch dëst Privilieg nüt ugefrot hat, hätt se vun sech aus di Verantwortlech vun sou enger Sueverschwéngung missen ofhalen. m.p.



WAHLPROGRAMM - NËT WICHTEG

De Koschter hat schr Geléenheet feststellen, dass bei de Wahlen vum 10. Juni d'Personnen méi wichteg waren wi d'Programmer, vun der Mannschaft méi Attraktivitéit erhofft gouf wi vun de Spilirége- len. Wi péinbel dat as, huet den Erner- zeecincten och missen beruflech feststel- len.

Den 4. Abréil 1979 hat ech d'Parteier: ugeschriiven fier eng zwou Dozen vun hiere Programmer ze kréien, well ech am Lycée Michel Rodange e Fakultativcours als Aféierung an d'politescht Lieuen zu Létzebuerg gehaïen hun. Ihusst d'Léscht 10 huet direkt geäntwert, ech kréich déi Programmer "en temps utile". D'Programmer vun der alternativer Léscht a vun der LCR krit ech Enn Abréil. Dénen anere Parteien hun ech éin den 4. Mee telefonéiert a krit dun déi vun der DP an der KPL

hier zweet Wahlzeitungsnummer (soss keng).

D'SDP huet mer Hétt Mee een Exemplär vun rierem 3. Programmeworf geschéckt. D'LSP huet mer hier zo Programmer an der "Enagichtvakanz" zuukomme gelooss, privat hat ech vun engen Parteimember allerdéngs schon 8 Déig éischter e puer Exempläre kritt fier auszdeelen am Cours. D'Léscht 10 vun den "onoħängegen Sozialisten" huet seméngt, den 8. Juni wär "temps utile" fier hier Programmer enger Klass zur Verfügung ze steiken, fier se vergläichend z'analyseren. An d'CSV hat anscheinend keen offizielle Programm oder hat se mäi Bréif an Telejón vergiess?

Ennétzt ze soen, dass e seriöse Programmvergläch am Cours nüt méiglech wor. E "private Vergläch huet mech awer berouegt: keng Partei huet gefuerdert, d'Schoul misst an Zukunft och zur Erziehung zum Bierger an zur politischer Opklärung vun de Jongwecker báidzeen!" m.p.